



Här Fernand Etgen

President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 9. Januar 2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro iwwert de « Littering » un Madamm Ëmweltministesch, un d'Madamm Inneministesch an un den Här Minister fir Mobilitéit weider ze leeden

D'Uwänner vun de Nationalstroossen an de « Chemin Repris » gesinn ëmmer méi aus wéi Mülldeponien. Et ass eng eenzeg Katastroph wéi respektlos datt verschidden Automobilisten a Camionneure mat Plastikfläschen, Béierfläschen, Gedrénsbechsen an oft mat Fastfood-, Pabeier- a Plastikstute längs vun dese Stroossen mat deem Knascht ëmginn.

Vill Gemengen uechter Land organiséieren an de Méint Mäerz bis Abrëll all Joer Botzaktiounen an hirer Gemeng wou den Dreck op den Uwänner vun de Stroossen agesammelt a geraumt gëtt.

Och Stroossebauverwaltung sammelt Joer fir Joer zeg Tonnen Dreck längs vun den öffentleche Stroossen. De Phänomen vum « Littering » ass net nei, et ass awer feststellen datt den « non-respect » ëmmer méi grouss gëtt.

An deem Kontext géif ech gäre folgend Froen un Regierung stellen:

- Wat gedenkt d'Regierung a Punkto Sensibiliséierung géint de « Littering » an a Bezuch op e verstärkte Recycling an Ëmweltschutz z'ënnerhuelen?
- Sollt Stroossebauverwaltung net verstärkt Informatiounspanneue géint de « Littering » längs vun den Nationalstroossen a « Chemin Repris » opstelle fir op dese Phänomen opmierksam ze maachen?
- Kéinte beispillsweis net och d'Agents municipaux respektiv Garde champêtre Befugnisser an de Gemenge kréie fir ze sanktionéieren?
- Sollt d'Stof déi ze bezuelen ass net drastesch an d'Luucht gesat ginn fir géint dësen Ëmweltfrelv anzewierken?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt uzehuelen.

Marc Lies
Deputéierten